

MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombero (par M. Jacques-Yves Henckes), Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Dee Punkt ass ofgeschloss a mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4755. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Mme Delvaux-Stehres, d'Mme Beissel, den Här Greisen, den Här Garcia an den Här Bisdorff.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Jean-Marie Halsdorf.

3. Projet de loi 4755 portant modification de la loi modifiée du 21 mars 1997 sur les télécommunications

Rapport de la Commission des Media et des Communications

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no dësem schéine Begrieffnis mat 60 Hären an Damme komme mer elo zu engem Projet, dee vläicht éischter méi enger technescher Natur ass, de Projet de loi 4755 portant modification de la loi modifiée du 21 mars 1997 sur les télécommunications. Ech verweisen op mäi schrëftleche Rapport a wollt an dësem mëndleche Rapport e Réckbléck maachen, fir dëse Projet ze situéieren.

D'Modifikatioun vum Artikel 27 vum Telekommunikatiounsgesetz, déi dëse Projet de loi mécht, ass e Virgank, dee mer souzesoe vun der communautairer Gesetzgebung waarm un d'Häerz geluegt kritt hunn.

D'Direktiv vun 1992 iwwert den Zougank zu engem oppene Réseau fir Standleitungen, huet d'Schafung vun enger onofhängeger nationaler Instanz beinhalt, déi reglementär an deem Beräich sollt agéieren. Wéi d'Telekommunikatiounsgesetz vum 21. Mäerz 1997 an der Maach war, huet de Statsrot gemengt - iwwregens an enger Logik vun enger renger verfassungs-

rechtlecher Terminologie völeg zu Recht -, dass dës Instanz keng eigentlech reglementär Autoritéit kéint sinn, well zu Lëtzebuerg de reglementäre Pouvoir beim Grand-Duc eleng ugesiedelt ass. Dës terminologesch Schwieregkeet, verbonne mat der deemoleger Retizienz vum Statsrot, fir enger net constituéierter staatlecher Autoritéit verbindlech Entscheidungskompetenzen ze ginn, huet derzou gefouert, dass dat, wat haut den Institut luxembourgeois de Régulation ass, nach keng Décisiounsbefugnis am eigentleche Sënn huet.

Dat ass iwwregens an alle Beräicher wouer, wou dës Institut eng Roll ze spillen huet, also an all deenen, wou op communautaire Initiativ hin liberaliséiert ginn ass, an zwar bei den Telekommunikatiounen, bei der Post, beim Elektreschen a beim Gas.

Bei der Kompetenz vun der nationaler Reguléierungsautoritéit geet et net ëm de Pouvoir réglementaire, mä et geet drëm, déi liberaliséiert Mäert ze reguléieren. Dat bedeit, dass d'Acteuren op dës Mäert bestëmmte Prozedure musse respektéieren, fir op ee Maart zougelooss ze ginn, a fir sech do konkurrentiell korrekt ze verhalten. Dës Konzeptioun stong am Fong ni a Fro - et war just esou, dass d'Terminologie vun den europäeschen Texter eng war, déi där Lëtzebuerger entgéintstong, a well mir hei zu Lëtzebuerg och net Champion vun enger alles ëmfaassender Liberaliséierung waren a sinn, gouf et duerch onëmsetzbar Formuléierungen zousätzlech Argumenter fir Lëtzebuerg, fir dem ILR keng contraignant Entscheidungskompetenzen ze ginn. Bis haut!

Nom Vote nämlech vum Reglement am Europaparlament an am Conseil am Joer 2000 iwwert den dégroupéierten Accès zum lokalen Netz vun Telekommunikatiounen ënnerleie mir elo engem neien Zwang vun europäescher Säit. D'Direktiv vun 1992 konnte mer laang net transposéieren, notament och wéinst dem Statsrot senge Bedenken, a wéi mer et gemaach hunn, hate mer e gewëssene Spillraum, deen esou genotzt gouf, dass eng Conciliatiounsprozedur déi vun der Direktiv virgesinnen Entscheidungsbefugnis beim ILR ersat huet. D'Reglement iwwert d'Boucle locale, och zu Lëtzebuerg direkt applicabel vum 1. Januar 2001 un, gesäit awer elo vir, dass den ILR eng Entscheidungskompetenz an deem Beräich huet. En huet duerch europäesch Bestëmmungen elo eng Kompetenz, mä et existéiert keng national Prozedur, no där en dës Kompetenz ka wouerhuelen, well mer him jo bis elo prinzipiell e Pouvoir décisionnel verweigert hunn. Genée dorëms geet et bei dëser Modifikatioun vum Telekommunikatiounsgesetz.

Den Institut luxembourgeois de Régulation kritt elo verbindlech Entscheidungskompetenzen, wann et ëm

den Accès vun engem Opérateur um Maart vun den Telekommunikatiounen zu den Netzer geet. De Projet de loi gesäit vir, dass den Institut ka Prozedure festleeën, no deenen dësen Accès ausgehandelt gëtt. Den Institut leet zukünfteg och d'Konditiounen vun dësem Accès fest, an e kann zousätzlech och bestoend Accore modifizéieren.

De Projet de loi gesäit och Prozedure vir, no deenen den ILR saiséiert gëtt, wann tëschent de Parteie Meenungsverschiedenheete bestinn, an den ILR bei esou Konflikter déi ofschléissend Décisioun kann huelen. Dat alles betrëfft deen neien Artikel 27.

Et gëtt awer och nach en Artikel 27bis am Telekommunikationsgesetz, dee bäigefügt ginn ass, dee mat net contentieux Accoren ze dinn huet. Wann Opérateuren um Telekommunikationsmaart sech ouni Interventioun vum ILR eens ginn, respektiv goufen, da mussen se dem Institut bannent deem éischte Mount vun der Wierksamkeet vun hirem Accord dëst matdeelen, an den Institut kann dann den interesséierte Parteien dës Accoren zougänglech maachen. Hei geet et also ëm d'Transparenz vum Telekommunikationsmarché. Dës Transparenz applizéiert sech natierlech net op déi Passagé vum Accoren, an deenen déi kommerziell Strategie vun de Vertragspartner duergeluegt gëtt. Dës bleiwe ganz klor beim Institut ënner Verschluss. D'Vertragspartner kënnen dem ILR selbstverständlech hir Appréciatiounen matdeelen - wat an hiren Ae muss confidentiel behandelt ginn -, an dës Appréciatiounen ginn och vum Institut berücksichtegt.

E Wuerd zum ILR sengen Décisiounen. Dës kënnen nëmmen als administrativ Décisiounen betruecht ginn, déi individuelle Charakter hunn, an deemno e Recours en annulation virun de Verwaltungsgerichtsbarkeeten no sech zéien. D'Institut ass jo zu allgemengen administrativen Décisiounen am Prinzip net befugt.

Schlussendlech wëll ech op dëser Plaz dat widderhuelen, wat an der Kommissioun schon diskutéiert ginn ass, a wat liicht iwwert de Kader vu mengem Rapport erausgeet. Tatsächlech ass et esou, dass den ILR, nodeems en elo iwwert de Wee vun dësem Gesetz Décisionskompetenze kritt, sech eng Linn vu Prozeduren an Entscheedungen schafe muss. Déi sollen dann onbedingt, am Sënn vun der Kohärenz an der Novollzéibarkeet vum ILR senger Tätigkeet, op allen Terrainen wou een Zoustännegkeeten huet, déiselwecht sinn.

(Interruption)

Et mécht kee Sënn, datt mer eng bestëmmten Zort vu Kompetenz a bestëmmte Prozeduren an den Telekommunikatiounen hunn, anerer beim Elektresch an

erëm anerer beim Gas. Well d'Philosophie, fir emol dat grousst Wuerd hei ze benotzen, bei alle liberaliséierte Marchéen déiselwecht ass - et geet ëm d'Ofschafe vun engem Monopol op kontrolléiert Manéier an ouni de Verbraucher virun eng Verschlechterung vun de Services ze stellen -, muss een och déiselwecht Regeln op d'Verhale vun den Operateuren op dës Marchéen applizéieren.

Ech géif lech also ofschléissend bieden, dës Projet ze stëmmen - en ass nämlech wierklech dréngend -, a bei däerselwechter Geleeënheet géif ech dovu profitéieren, fir den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ze bréngen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischt Diskussionsriednerin ass d'Mme Mady Delvaux-Stehres agedroen. D'Mme Delvaux huet d'Wuert.

Discussion générale

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Wéi de Rapporteur et a sengem excellente Rapport beschriwwen huet, konnt den ILR bis elo jo keng contraignant Décisiounen huelen, well et iwwer Telekom-Operateuren gaangen ass, obschonn d'europäesch Gesetzgebung dat vun Ufank un eigentlech virgeschriwwen huet.

Nodeem elo den 1. Januar 2001 d'Reglement iwwert d'Boucles locales en vigueur ass, gëtt dës Lacune vun eiser Gesetzgebung natierlech nach méi akut. Zwar hat de Projet de loi, deen d'Gesetz vun 1997 ginn ass, virgesinn eiser Autorité réglementaire dës Kompetenz ze ginn, mä virun der Oppositioun vum Statsrot huet d'Chamber sech enger Formulatioun ralliéiert, dass den ILR kënnt eng Procédure de conciliation maachen, wann zwee Operateuren net géifen eens ginn, awer net eng Prozedur fir d'Konflikter ze regelen.

Duerch d'Mise en demeure vun der Kommissioun vu Bréissel ännere mer dann dëst Gesetz a mir ginn dem Institut déi Kompetenzen, déi en deemools net krut. Ech wëll awer drop insistéieren, dass et u sech e fundamentale Renforcement ass vun de Kompetenzen vum ILR. Ech ka mer och virstellen, dass net all Operateur frou iwwert déi renforçéiert Kompetenz ass. Ech sinn awer perséinlech dovun iwwerzeegt, dass et noutwendeg ass, dass den Institut déi Kompetenz huet, fir kënnen ze intervenéieren, fir och Verhandlungen tëschent Operateuren ze beschleunegen. Ech denken, dass et och am Intérêt ass vum Consommateur, dass mer esou eng accélériert a contraignant Prozedur hunn.

Ech wëll och - „Ehre wem Ehre gebührt“ - soen, dass déi Formulatioun, wéi se hei am Gesetz ass, villméi

propper a méi kloer ass wéi déi éischt Formulatioun, déi mer an eiselem Projet de loi haten. D'Nature administrative ass ganz kloer definéiert. D'Formulatioun vun den Artikelen 27 a 27bis fannen ech excellent an ech wëll d'Auteurs och dofir félicitéieren.

Dofir kann ech ouni schlecht Gewëssen, well mer souwuel mam Fong d'accord sinn wéi och mat der Form, den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Text bréngen.

Ech wëll awer op ee Schéinheitsfeeler an der Prozedur hiweisen. Vu dass den ILR an der Tëschenzäit net nëmme kompetent ass fir Telekom, mä och fir de Gas a fir d'Elektresch, fannen ech perséinlech, dass een hätt missten dem Institut Regele ginn, fir domadder ze fueren. Et hätt een also an deem Gesetz missten déiselwecht Prozeduren, déi sech hätt missten applizéieren, sech awer elo net kënnen applizéieren, well fir de Gas an d'Elektresch den Institut déi Kompetenzen nach net huet, virgesinn. Dat hätt éischters deen Exercice hei verhënnert, deen d'Leit jo manifestement net esou interesséiert, well et och eng ganz technesch Diskussioun ass. Dat hätt eis zweetens erspuert, fir nach zweemol ze légiféréieren an et hätt ganz sécher der Transparenz an der Kohärenz vum Institut genotzt.

Ech maachen also en Appel, obwuel ech net weess, u wien ech e soll adresséieren, mä d'Regierung kann e jo esou unhuelen an un déi zoustänneg Plaze weiderginn, fir dass déi Gesetzger Gas an Elektresch esou schnell wéi méiglech an deem Sënn geännert ginn.

Dat gesot, Här President, bréngen ech nach eng Kéier den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soe merci.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Mme Simone Beissel agedroen. D'Mme Beissel huet d'Wuert.

Mme Simone Beissel (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wëll och virop dem Rapporteur villmools merci soe fir säin excellente mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Wéi mer wësse soll haut am Gesetz vum 27. Mäerz 1997 iwwert d'Telekommunikatiounen den Artikel 27 ëmgeännert ginn an en Artikel 27bis ageféiert ginn.

Mir sinn als Lëtzebuerg schonn op europäischem Niveau kritiséiert ginn, dass mer déi europäesch Dispositiounen am Beräich vun den Telekommunikatiounen net richteg ëmgesat hunn. An den europäeschen Dispositiounen ass nämlech d'Schafung virgesi vun enger nationaler, onofhängeger Autoritéit, där hir Missioun et ass, fir déi verschidden Acteure vum liberaliséierte Marché vun den Telekommunikatiounen ze

iwwerwaachen a gegebenenfalls um Marché ze intervenéieren, fir Dérapagé géint d'Konkurrenzrecht ze verhënneren.

D'Direktiv vum Conseil vum 5. Juni 1992 definéiert dës national Autorité réglementaire als en Organ, dat souwuel juristesche wéi och funktionell onofhängeg ass vun deene verschiddenen Organismen vun der Telekommunikatioun. Dëst Organ soll an der Optik vun den europäeschen Instanzen vun deemools, ënner anerem och mat engem Pouvoir réglementaire dotéiert ginn.

De Statsrot hat bei der Ëmsetzung vun der Direktiv ënnerstrach, dass no eiselem Lëtzebuergesche Verfassungsrechtleche System de Pouvoir réglementaire nëmme därer deem Organ zougestane bleiwen, dat och an eiser Verfassung virgesinn ass, dat heescht, onsem Grand-Duc.

D'Gesetz vum 21. Mäerz 1997 huet den Iwwerleeunge vum Statsrot Rechnung gedroen. Et ass dofir eng Conciliatiounsprozedur virgesi ginn, déi dem zoustännegen Institut (Institut luxembourgeois de Régulation) kee Pouvoir réglementaire ginn huet. Dofir d'Kritik op europäischem Niveau, well mer eben déi europäesch Dispositiounen net ganz inhaltgerecht ëmgesat hunn an dofir och d'Nécessitéit, fir d'Situatioun elo ze änneren, fir eis selwer ze regulariséieren.

Duerch déi Ännerungen, déi haut duerch dës Projet solle virgeholl ginn, kann den ILR elo administrativ Décisiounen huelen an esou eng contraignant Prozedur fir den Ofschluss vun de Verhandlungen, fir en Accord d'accès un de Réseau oder en Accord d'interconnexion festleeën. Den Institut kann och eng Ännerung vun engem bestehenden Ofkommen imposéieren.

Dës administrativ Décisioun vum ILR, déi individuell si betreffend d'Accords d'accès an d'Interconnexion, a reglementaresch wat d'Boucles locales ugeet, well dat jo eng europäesch Dispositioun ass, déi direkt hei zu Lëtzebuerg ëmgesat gëtt, mat Effet direct, kënnen alleguer virum Verwaltungsgericht bestridde ginn.

D'Mme Delvaux huet gesot, deen een oder aneren Operateur wäert net happy si mat dem Text, quitte dass mer eis nëmme konforméieren, mä ech mengen, am Intérêt vum Rechtsstat hu mer jo awer dann d'Méiglechkeet, dass d'Leit sech selwer kënnen hëllefen an op d'mannst virum enger geriichtlecher Instanz hiert Recht kënnen akloen.

Niewent dem Artikel 27 gëtt et den Artikel 27bis, deen d'Publicitéit regelt vun den Accords d'interconnexion oder all Ännerung vun deene bestehenden Accoren.

Den zoustännegen Minister huet eis an der Mediëkommissioun gesot, dass e Projet de loi organique iwwert den Institut luxembourgeois de Régulation amgaang ass ausgeschafft ze ginn, a wéi meng Virriedner, hoffen och ech, dass dësse Projet esou schnell wéi méiglech op den Instanzewee geet, well mer momentan e bëssen an där komescher Situatioun sinn, dass eben eng Prozedur festgeluegt ass, mä fir de Gas an d'Elektresch net. Wann déi Loi organique kënnt, wou eng eenzeg an eng eenheetlech Prozedur dem ILR zougestane gëtt, da kann en an deenen him zougestanene Kompetenzgebiddere eenheetlech virgoen an dann ass och am Intérêt vun der Klärung vun der Prozedur vis-à-vis vun all de Leit, déi dat betrëfft, eng Verbesserung do.

D'Modifikatiounen, déi mer um Gesetzprojet vum 21. März 1997 virhuelen an déi mer elo hei solle stëmmen, si ganz wichteg an där Hinsicht, dass mir eis selwer regulariséieren, mä och eng Klärung an eng Straffung am Lëtzebuerger Mediësektor mat sech bréngen. Dofir stëmmen ech och dat Gesetz an ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Den Här Fernand Greisen ass als nächste Diskussiounsriedner agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

M. Fernand Greisen (ADR). - Här President, ech wëll dem Rapporteur merci soen an all deene Leit, déi un deem Gesetzestext matgeschafft hunn. Ech wëll kuerz op d'Gesetz vum März 1997 zrëckkommen, wou jo d'Liberalisatioun vun der Post- an Telekom-Servicer agefouert gi sinn.

Ech wëll erënneren un dat wat ech deemools gesot hunn, a wat de Sënn vun der Liberalisatioun ass. Deen ass jo fir d'Präisser erofzesetzen an de Clientë besser Servicer ze bidden, mä awer och fir eis Entrepreneuren an d'Entreprise Post méi konkurrenzfähig ze maache vis-à-vis vun der internationaler Konkurrenz.

Den ADR ass ganz sécher mat deem Zil averstane. Mir hunn awer 1997 dat Gesetz net matgestëmmt, well et deem Zil net gerecht gëtt. Et ass och du gesot ginn, dat Gesetz gouf deemools iwwert de Knä gebrach an de Kommunikationssektor ass zousätzlech mat Käschte belaacht ginn.

Grad de Problem vun der Zesummesetzung an der Onofhängegkeet vum Institut huet deemools den Haaptpunkt vu menger Kritik uitgemaach. Ech wëll net am Detail dorobber zrëckkommen. Dat ass jo bekannt.

Den Text ass zënterhier net verbessert ginn. Mir hunn héieren, dass nach Ännerunge bevirstinn. Ech hu

mech beim Rapport och aus deem Grond enthalen an den ADR wäert dësse Projet och net stëmmen.

Merci.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG). - Här President, ech wëll dës bal ökumenescher Veranstaltung net nach eng weider Priedegt bäifügen a sinn dofir mat der Homélie vum Rapporteur d'accord a bréngen d'Ënnerstëtzung vun eiser Fraktioun zu deemem Projet.

M. le Président.- D'Wuert huet elo de Minister fir Telekommunikatiounen, den Här François Biltgen.

M. François Biltgen, Ministre délégué aux Communications. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wëll och fir d'alleréisch dem Rapporteur merci soe fir säi Bericht, dee ganz liicht nozevollzéie war an deen eigentlech alles gesot huet, em wat et hei geet.

Et geet hei bossegerweis net em d'Technik; et geet hei em handfest Politik. All déi Diskussiounen, déi ech ëmmer erëm an der Öffentlichkeit an den Zeitunge liesen iwwert d'Telekom-Präisser zu Lëtzebuerg, hunn eppes heimat ze dinn. Wa mer gär Konkurrenz hätten, musse mer ee vun der Regierung onofhängegt Organ hunn. Esou wëllt et Europa an esou ass et déi eenzeg Aart a Weis, fir dës Konkurrenz ze kréien: eng Institutioun déi reguléiert an déi no objektive Kritäre verfiert.

Dass elo den ILR endlech déi Pouvoir kritt, fir net nëmmen ze conciliéieren, mä fir ze décidéieren, wann e puer Operateuren net eens ginn, déi mussen op engem Réseau fueren, wat de Präis ass, dat wäert och an Zukunft d'Lëtzebuerger Diskussiounen iwwert d'Präisser weiderdreien.

Dobäi wëll ech awer dann direkt soen, dass et net esou ass, wéi ech oft héieren, den ILR wier do fir d'Post „futti ze maachen“. Dat ass en net. Mir kréien an där zweeter Phas, vun där ech unhuelen, dass mer lech d'nächst Joer domat dierfte befaassen, deemno wéi mer elo den 28. Juni hei zu Lëtzebuerg um Telekom-Conseil eens ginn, eng nei Phas an Europa.

Déi éischt Phas, déi mer haten, war déi, dass déi national Monopoler hu missen opgeléist ginn. Dës ass nach net ofgeschloss. An der zweeter Phas, an déi ass fir Lëtzebuerg villméi interessant, gi mer an enger Iwwergangszäit méi no un d'allgemengt Konkurrenzrecht an Europa erun. Et ass nämlech dann och wichteg, dass mer en ILR hunn, deen och wierklech kuckt, wie staark ass a wien net staark ass. Mir sinn och esou wäit an Europa, dass mer dat duerchgesat kréien, dass mer dann net méi just den nationalen

Territoire kucken, mä dass mer och d'Groussregioun huelen.

Een, deen zu Lëtzebuerg staark ass, ka kleng an der Groussregioun sinn a vice versa.

Alles dat ass wichteg, fir dass mer deen ILR wierklech zu där onofhängeger Kraaft maachen, wou d'Regierung net dra schwätzt, an dat ass, Här Greisen, am Gesetz garantéiert. Är Kriticke sinn absolut onberechlegt.

Dat erkläert dann och, dass mer - Mme Delvaux-Stehres, ech soen lech merci fir d'Blummen, Dir sidd dorop agaangen -, folgend Décisioun hei geholl hunn, fir och aus deene verfassungsrechtliche Problemer erauszekommen, déi de Statsrot ëmmer gesinn huet. Ech huelen e Beispill: D'Post, déi huet e Réseausnetz an een neien Operateur wëllt dra kommen, da seet d'Post selbstverständlech: Dat do si meng Käschten, wann s du gären iwwert mäin Netz fiers, muss du esouvill bezuelen. Dat ass deem aneren ze héich. Do muss een décidéieren. Dat ass den ILR, deen hält eng administrativ Décisioun. Den ILR huet d'Kompetenzen, fir dat nozevollzéien, fir déi zwou Parteie kontradiktoresch ze héieren an ze soen: Dat ass de Präis.

Wann dann eng vun deenen zwou Parteien net eens ass, da geet se virun de Verwaltungsriichter, deen och hei nëmmen een Annulationsrecht huet, dee fänkt elo net un ze soen; Elo ass e Centime zevill berechent oder ze mann, mä de Verwaltungsriichter kuckt, ob den ILR an aller Onofhängegkeet seng Aarbecht gemaach huet oder net. Domat hu mer net nëmmen déi verfassungsrechtlich Problemer ausgeraumt, déi de Statsrot ëmmer hat, mä mir hunn awer och e propere System bruecht, dee wierklech eis hëlleft, dass mer an där Präisdiskussioun zu Lëtzebuerg weiderkommen, ouni dass et awer zu ongewünschten Nieweneffete kënnt kommen.

Ech wëll op dëser Tribün dem ILR och merci soe, fir déi ganz diskret awer trotzdem schonn effikass Aarbecht, déi e mécht. Den Här Greisen sot: Dat Gesetz gouf e bësse bâcléiert. Dat wëll ech net soen, mä mir hu missen 1997 eppes Neies erfannen aus alle Stécker eraus, an dat huet scho seng Preuvë bruecht. Den ILR, dee geet manner an d'Öffentlechkeet, wéi dat am Ausland fir Régulateuren esou üblech ass, mä ech fannen den ILR soll seng Aarbecht maachen an net grouss op d'Tromm schloen. Déi mécht en, an dat heite Gesetz hëlleft him, vill méi onofhängeg kënne weiderzeschaffen.

Domat kommen ech op déi puer Froen, déi gestallt goufen. Wéi gi mer weider: Gas, Elektresch, Modifikatioun vum Telekommunikatiounsgesetz?

Beim Gas, beim Elektresch ass et esou, dass an deem zoustännege Ministère dru geschafft gëtt, eng ähnlech Solutioun ze fannen. Mir wollten dëst Gesetz net retardéieren, well mer iwwerfällig si mat där aler Direktiv an d'Boucle locale scho vum 1. Januar un dégroupéiert ass - wéi dat esou schéin op Nei-Lëtzebuergesch heescht -, an dass mer do elo bësse e rechtsfräie Raum hunn. Ech hat der Kommissioun vu Bréissel gesot, mir misste sechs Méint hunn, fir dat a Kraaft ze setzen, an elo sechs Méint méi spéit kann et wierlech zu Lëtzebuerg a Kraaft trieden. Dat heite Gesetz wollte mer net retardéieren an dat anert kënnt.

Ech wäert dann och am Hierscht - do lafen d'Viraarbechten -, dräi weider Projeten hei deponéieren. Deen éischte Projet ass d'Loi organique iwwert den ILR. Ob déi dote Saachen elo an d'Loi organique kommen, dat weess ech net, wahrscheinlech komme se a sektoriell Gesetzer. Den ILR huet elo nei Aufgaben, e kann der vläicht an Zukunft nach weider kréien, an dofir maache mir eng Loi organique fir den ILR, dass mer net all neit Gesetz erëm frësch definéiere mussen.

Zweete Projet de loi, deen ech wäert virstellen, dat ass d'Reform vum Telekommunikatiounsgesetz vun 1997, wat keng gréisser Affär gëtt, mä wou mer erëm méi genee kucken: Wat sinn d'Kompetenze vum Minister? Wat sinn d'Kompetenze vun der Regulatiounsbehörde? Do maache mir e bësse méi Klorheet opgrond vun der Erfahrung.

Dat drëtt Gesetz ass dat iwwert d'Radiofréquences. Déi verwalt den ILR zurzäit fir d'Regierung. Dat sinn eigentlich keng ursprüngelech Aufgabe vum ILR, mä et si Regierungskompetenzen, déi den ILR fir d'Regierung verwalt. Och do wëlle mer méi klor definéieren, esou dass mer an där nächster Sessioun all déi Froen fir d'Zukunft geléist hunn.

Dat gesot, soen ech alle Riedner merci fir déi konstruktiv Beiträg a si frou, wann Dir dat haut stëmmt.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugehall.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4755.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi 4755 ass mat 52 Stëmme bei 7 Enthaltungen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. John Schummer), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Mars Di Bartolomeo) et Marc Zanussi;

MM. François Bausch (par Mme Renée Wagener), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4736. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Hären Hauptert, Wohlfart, d'Mme Durdu, d'Häre Koepp, Garcia a Bisdorff. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Nico Loes.

4. Projet de loi 4736 relatif à la deuxième phase d'agrandissement du Lycée du Nord à Wiltz

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Nico Loes (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4736, dee mir haut diskutéieren an dee mer och hoffentlech unanime stëmme wäerten, soll der Regierung et erlaben, déi néideg finanziell Mëttelen zur Verfügung ze stellen, fir no där éischter Ausbauphas vum Lycée

du Nord vu Wolz, déi mir am Joer 1995 an dësem Haus décidéiert haten, elo déi zweet Phas an Ugrëff ze huelen an duerchzeféieren.

De Rapporteur vum Projet de loi 3939, dat heescht vum där éischter Ausbauphas vum Lycée du Nord, den honorablen Här Claude Halsdorf, hat deemools schonn drop higewisen, wéi noutwendeg den Ausbau vum der Schoulinfrastruktur vum dësem Lycée wär. A wat deemools richteg war, ass haut nach ëmmer net falsch. Et geet drëm, fir dem Wëlzer Lycée déi onbedingt noutwendeg zousätzlech Infrastrukturen ze schafen, fir dass all Acteuren, d'Direktioun, d'Professeren an d'Schüler, e modernen a funktionnelle Kader kréien, deen allen Uspréch gerecht gëtt, fir dass si hir Aarbechten a Studien a jiddferengem sengem Interesse kënnen duerchféieren.

Zu den Antécédente vum dësem Gesetz wollt ech soen, dass dëse Projet de 7. Dezember 2000 déposéiert gouf. Den 18. Dezember sinn ech als Rapporteur genannt ginn, an d'Kommissioun huet de Projet diskutéiert an analyséiert. De Statsrot huet den 13. Mäerz 2001 säin Avis ofginn. Nodeems d'Kommissioun dësen Avis de 26. Mäerz 2001 examinéiert hat, ass de Projet de 14. Mee vum dësem Joer unanime an der Kommissioun approvéiert ginn. Ech soen dofir menge Kollegen aus der Kommissioun, awer och de Mataarbechter vum der Administration des Bâtiments publics a vum Ministère des Travaux publics merci fir déi konstruktiv Mataarbecht zu dësem Projet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi iwwert déi zweet Ausbauphas vum Wëlzer Lycée geet grad wéi beim éischten Ausbau am Detail op den Historik vum dëser nach jonker Schoul an, eng Schoul, déi eng aussergewöhnlech Evolutioun matgemaach huet, an dat a puncto Zuel vum de Schüler a forcément vum den Enseignanten, mä awer och a puncto Offer vum der Schoulformatioun. Erlaab mir dofir e puer Date vum der Geschicht a vum der Entwécklung vum Lycée du Nord ze ernimmen, och wann ee riskéiert verschidde Saachen ze widderhuelen, déi och scho beim Vote vum éischten Ausbau-projet gesot gi sinn.

(Interruption)

Jo, dat ass esou, Här Weiler, mä et ass besser, et seet een heiansdo Saachen zweemol, da si verschidde Leit, déi et och besser verhalen.

1954 huet zu Wolz eng éischt Klass vum deemolege berufflechen Unterricht fonctionnéiert, keng selbstänneg Schoul, mä eng Annexe vum deemolege Centre d'enseignement professionnel de l'Etat, deem heitege Lycée technique du Centre. Duerch Arrêté grand-ducal vum 18. Juni 1969 ass zu Wolz e Collège